



REÇU
Par Christine Wirtgen , 08:46, 04/05/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 4. Mee 2020

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bidden ech lech des parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weider ze leeden.

An Däitschland ass decidéiert ginn fir des Woch erëm Spillplazen opzemaachen déi wéinst der sanitärer Kris zugemaach gi sinn. Dobäi sollen d'Elteren oppassen, dass déi virgeschriwwen Hygiènesreegelen agehale ginn. Desweideren soll een sech och vun iwwerfëllte Spillplaze wechhalen.

Nodeems datt Kanner bei eis am Land wéinst dem Confinement och wochelaang net hirem Spill- a Beweegungsdrang konnten nokommen, wat op Dauer zu sozialen a gesondheetleche Problemer ka féieren, wollt ech dem Här Staatsminister folgend Froe stellen.:

- Envisagéiert Regierung spéitstens mat dem erëm Ophuele vum Schoulbetrib am Enseignement fondamental och nees Spillplazen opzemaachen ?
- Wéi eng Konditiounen musse vun de Kanner an den Elteren agehale ginn?
- Ass ënner verschiddene Konditioune souguer vläicht eng kuerzfristeg Léisung virgesinn?

Här President, ech biede lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'Etat

Luxembourg, le **08 JUIN 2020**

REÇU
Par Alff Christian , 15:35, 08/06/2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'Etat, à la question parlementaire n°2133 de Monsieur le Député Marc LIES du 4 mai 2020 à propos de la réouverture des aires de jeux dans le contexte de la pandémie du coronavirus.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2133 du 4 mai 2020 de Monsieur le Député Marc LIES.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre
Ministre d'Etat

Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, à la question parlementaire n°2133 de Monsieur le Député Marc LIES du 4 mai 2020 à propos de la réouverture des aires de jeux dans le contexte de la pandémie du coronavirus

D'Opmaachen vun de Spillplazen am fräien fir d'Kanner ausserhalb vun de Schoulinfrastrukturen ass eng weider Etappe aus dem Confinement eraus den d'Regierung a verschiddene Phasen virgeholl huet an och weider wäert virhuelen am Respekt an au vu vun der sanitärer Situatioun.